No 125
Wanter 2026

Stëmm FÖTOEN vun der Strooss



NE PEUT ÊTRE VENDU | NOT FOR SALE

30 Joer Stëmm, 30 Joer Asaz



All Don ass eng ausgestreckten Hand fir déi Mënschen, déi se am meeschte brauchen. Hëlleft eis ze hëllefen a scannt de QR-Code – all Euro hëlleft.



wERO

LISONS ENSEMBLE.
LISONS À HAUTE VOIX.
Ensemble contre les difficultés de lecture.

READ TOGETHER.
READ ALOUD.
United against reading difficulties

Editorial

Léif Lieserinnen, léif Lieser,

Dëst Joer gëtt d'Stëmm vun der Strooss 30 Joer al. 30 Joer, an deenen mir eis géint Aarmut a sozial Ausgrenzung op de Lëtzebuerger Stroossen agesat hunn a versicht hunn, Mënschen a prekäre Liewenssituatiounen esou gutt wéi méiglech ze ënnerstëtzen. Aus de klenge Raimlechkeeten zu Bouneweg ass am Laf vun de Joren eng Organisatioun mat verschiddene Strukturen am ganze Land entstanen. Haut fannen d'Mënsche bei eis Zougang zu Iessen, Duschen, medezinescher Versuergung, juristescher Berodung a villes méi, gratis an ouni Verurteelung. Dës Entwécklung erfëllt eis engersäits mat Freed, hannerléisst anerersäits awer och e batteren Nogeschmaach. Well mir nëmme wuessen, well ëmmer méi Mënschen op eis Ënnerstëtzung ugewise sinn. D'Aarmut an eisem Land hëlt zou, trotz den Efforte vum Staat an deene ville Organisatiounen, déi sech all Dag dofir asetzen, Mënschen a schwierege Liewenssituatiounen ze hëllefen. Mir wuessen, esou gesinn, zesumme mat der Aarmut. A wa mir éierlech sinn, si mir ëmmer e Schratt hannendran. Trotzdeem liewe mir an engem Land, an deem vill gemaach gëtt, fir Mënschen a prekäre Situatiounen e Wee aus der Spiral vum sozialen Ofstig ze erméiglechen. Mir sinn also zouversiichtlech, datt mir och déi Erausfuerderungen, déi an Zukunft op eis duerkommen, wäerte meeschteren. Well eng Saach huet sech an de leschten 30 Joren net geännert: D'Stëmm vun der Strooss wëll e Liichttuerm sinn – fir all déi Mënschen, déi eis Ënnerstëtzung brauchen, a fir eng Gesellschaft, an där kee vergiess gëtt.

Och eis kleng Stroossen-Zeitung feiert hiert 30-järegt Bestoen. Zu dësem besonneschen Ulass hu mir eis fir dës Editioun e bëssen eng aner Approche iwwerluecht: eng Fotoreportage. Et gëtt e Spréchwuert, dat seet, datt Biller eng Realitéit oft besser wéi Wierder afänke kënnen. No dësem Prinzip sinn d'Mataarbechter aus der Redaktioun zanter e puer Méint, just mat enger Kamera equipéiert, op de Lëtzebuerger Stroossen ënnerwee, fir d'Liewensrealitéit vu Mënschen ouni Doheem fotografesch festzehalen an an d'Ëffentlechkeet ze droen. Fotoe kënnen zwar nëmmen ee Moment festhalen, gläichzäiteg maachen se awer och onverännert Realitéite vun engem Liewensëmfeld siichtbar, an deem déi Betraffen all Dag liewen. Déi entstane Fotoen si méi wéi nëmmen eng Momentopnam. Se maachen eng gesellschaftlech marginaliséiert Grupp siichtbar, bei där d'Gesiichter sech am Laf vun der Zäit veränneren, d'Liewensgeschichten awer dacks déi selwecht bleiwen. An dëser Editioun fannt Dir vill Gesiichter vu Mënschen, déi am Alldag oft net wouergeholl ginn. Dës Kéier sollen si am Mëttelpunkt stoen. Keng laang Artikelen a keng aner geschriwwe Wierker – dës Editioun gehéiert de Gesiichter an hire Liewensgeschichten.

Mir wënschen Iech vill Freed beim Duerchbliederen a Betruechten!

Är Redaktioun!

Mentions légales

Editeur
Stëmm vun der Strooss, asbl
7 rue de la Fonderie, L-1531 Luxembourg-Hollerich. Association conventionnée avec le ministère de la Santé, œuvrant en étroite collaboration avec la Banque Alimentaire du Luxembourg.
Direction
Alexandra Oxacelay
Direction administrative et financière
Arnaud Watelet
Direction des ressources humaines
Tatiana Escure
Conseil d'administration
Dr Arno Bache, président;
Catherine Phillips, vice-présidente;
Marc van Vlokhoven, secrétaire;
Marc Welter, trésorier
Administrateurs
Jean-Jacques Rauchs; Jean-Marie Haensel; Dr Arno Bache; Jean Feith; Jean-Paul Schaaf; Giovanni Ferigo; Joanne Buchette

Encadrant pédagogique et responsable de l'atelier rédaction
Stanley Beier
Equipe rédactionnelle
Azadeh, Chris, Christian, Hatip, Isabelle, José, Michel, Patrick, Prixin
Correction
Jeanne Dumont, Marco Glaesen, Nina Peckels
Mise en page
thelen | werbeagentur, Trier;
www.thelen-werbeagentur.de
Impression
Imprimerie Centrale,
3 rue Emile Bian, L-1235 Luxembourg
Contact
téléphone : 490260-37;
mail : s.beier@stemm.lu
Courrier à la rédaction
s.beier@stemm.lu
Abonnements
15 euros par an en tarif normal, soit 20 euros par an pour les détenteurs d'une « carte membre »

Carte membre
10 euros par an
Service abonnés
info@stemm.lu
Coordonnées bancaires
BIC : BCEELULLL
IBAN : LU63 0019 2100 0888 3000
Communication : « Abonnement »
+ vos coordonnées

Remarque : Association reconnue d'utilité publique, les dons en faveur de Stëmm vun der Strooss sont fiscalement déductibles des revenus nets en tant que dépenses spéciales à condition que leur cumul soit au moins égal à 120 euros par année d'imposition et dans la limite de 1 000 000 d'euros ou 20 % du revenu imposable (loi modifiée du 4 décembre 1967).

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement les positions de l'association.

Rejoignez-nous sur facebook / Join us on facebook / Werde Mitglied auf facebook

Déi Onsiichtbar

D’Mënsche ginn hinnen aus dem Wee. Si kucken ewech, wiesselen d’Säit vun der Strooss oder maachen sou, wéi wann si déi Persoun guer net bemierkt hätten. Fir Verschiddener si si gescheitert Existenzen, Mënschen, mat deenen een sech net ofgëtt. Net uschwätzen, net hikucken, weidergoen. An der Sozialwëssenschaft gëtt et dofir de Begréff „héiflech Ignoranz“. Domat ass eng Form vum soziale Verhale gemengt, bei där een e Mënsch zwar wouerhëlt, him awer bewosst keng Opmierksamkeet schenkt an en net als gläichberechtegte Géigeniwwer unerkennt. An engleschsproochege Studie gëtt dëst Verhalen als „Nonperson Treatment“ bezeechent. Besonnesch Mënschen, déi op der Strooss liewen, erliewen doduerch e Paradox: Si sinn an eiser Mëtt an awer gläichzäiteg onsiichtbar.

Dobäi probéieren si wuel gesinn ze ginn. Verschiddener maache mat selwer gebastelte Schëlder aus Kartong op sech opmierksam. Si sëtzen op de Kräizungen, virun de Geschäfter oder an der Foussgängerzon. Si froen ëm Unerkennung an ëm Suen. Heiansdo erbaarmt sech e Passant a gëtt hinnen eppes, mee meeschtens ginn si einfach ignoréiert. Wat mécht dëst Gefill vun der Ignoranz mat engem Mënsch, dee scho ganz ënnen ukomm ass? Ass d’Entmënschlechung net scho schlëmm genuch, d’Schumme viru senge Matmënschen, mat erhuewenem Becher ze knéien an ëm Hëllef ze bieden? Vläicht ass genee dat eng vun de batterste Forme vu sozialer Ausgrenzung: net traitéiert oder fortgejot ze ginn, mee einfach net méi als Mënsch wouergeholl ze ginn. Déi nächst Säite gehéieren den Onsiichtbaren, deenen, déi matzen ënnert de Mënsche ganz eleng sinn.






Doheem um Trottoir

Net fidderen W.E.G.



Barrièrefräit Wunnen





Wunnzëmmer am Gréngen



Hotel All (Ex)klusiv

Privatsphär?



Net mäi Problem!





Trente années à hauteur d'Homme

Tout a commencé par une soupe chaude
Pas une révolution, pas un discours
Juste une main tendue dans le froid
À une époque où l'on parlait encore de « clochards ».
Quelques femmes et quelques hommes
Ont choisi de regarder
Vraiment.
Ils ont demandé :
- Qui es-tu ?
Ils ont demandé :
- Qui êtes-vous ?
Alors, les rues ont commencé à raconter leurs histoires
Des histoires de solitude
D'alcool et de dépendances
De prisons, de ruptures, de familles perdues
Mais aussi des histoires de courage
De résistance et de recommencements
Dans un petit local de Bonnevoie
Des vêtements changeaient de propriétaires.
Des bénévoles donnaient bien plus que des objets.
Ils offraient du temps
Des regards et de l'écoute
Et surtout, de la dignité.
Puis, une idée est devenue une voix
Grâce à l'entraide humaine, des vies ont pu renaître
Des femmes et des hommes ont retrouvé un logement
Un travail, une famille, la confiance.
Chaque victoire discrète
A rappelé que rien n'est jamais définitivement perdu.
Trente années…
Ce n'est pas seulement une histoire
C'est une promesse
Une promesse que nous continuerons à tenir
Tant qu'une personne aura faim, nous serons là
Tant qu'une personne aura froid, nous serons là
Tant qu'une personne aura besoin d'être écoutée sans être jugée, nous serons là.
Chaque effort, nous l'avons fait avec le cœur
Et notre mission est de continuer
Pour toutes ces personnes
Si souvent invisibles
Si souvent inaudibles
Continuer
A être la Stëmm vun der Strooss.

José



Œuvre de Raphael Gindt

Hannert de Blécker

Zu Lëtzebuerg, engem vun den räichste Länner op der Welt, kënnt kee Mënsch als „Obdachlos“ op d’Welt. D’Fraen an d’Männer, déi haut op der Strooss liewen, haten eemol e ganz anert Liewen. Si ware Kanner, Schüler, Beruffstäteger, Elteren, an dunn hunn sech hir Liewensëmstänn verännert, sief et duerch eng Krankheet, de Verloscht vun engem Mënsch, deen hinnen no stoung, oder de Verloscht vun hirer Aarbecht. D’Ursaache si villfälteg a kënnen net op een eenzege Grond reduzéiert ginn. Heiansdo féiert d’Liewen ee ganz einfach op onerwaarte Weeër, an dacks geschitt dat méi séier, wéi ee mengt. Onvirgesinn Evenementer kënne jiddereen treffen, an op eemol fënnt een sech op der Strooss erëm. Ma ier dës Mënschen obdachlos gi sinn, waren si virun allem Mënschen, hannert deenen hirem Bléck eng Geschicht steet.

Dës Blécker begéine mir an de Garer Quartieren all Dag. Verschiddener sträifen eis just, anerer bleiwen e Moment hänken, mee déi meescht vergiesse mir direkt nees. An awer geet heiansdo e Bléck duer, fir Geschichten ze erzielen. Geschichte vu Mësstrauen, Verloscht, awer och vun Dreem an Hoffnung. Denken si heiansdo nach un dat zréck, wat eemol war? Verschiddener hunn dës Erënnerunge scho verdrängt oder vergiess, anerer halen sech nach ëmmer un der Hoffnung fest, datt et enges Daags nees besser gëtt. Nach anerer sinn trotz allem voller Optimismus a kucken zouversiichtlech an d’Zukunft. Jidderee geet op seng eege Manéier mat senger Situatioun ëm. Op den nächste Säite geet et ëm d’Blécker vun de Mënschen, déi op der Strooss liewen. Wärend d’Fotoe gemaach goufen, konnten d’Participantë selwer entscheeden, ob si eis e puer Wierder mat op de Wee wollte ginn. Dës perséinlech Gedanken a Wierder goufen nieft hire Fotoe festgehalen, fir datt jiddereen, dee wëll, net nëmmen e Bléck op d’Persoun, mee och e klengt Stéck vun hirer Geschicht entdecke kann.






« Il faut vivre »

Djara, 30 Joer al.



De Jurkowski ass 47 Joer al a kënnt aus Polen. Zanter zwielef Joer lieft hien op der Strooss. No engem Hierschlag hat hie seng Aarbecht verluer, duerno seng Wunneng. Säi gréisste Wonsch ass et, seng Duechter enges Daags erëmzegesinn.

Jérôme - vum Prisong op d'Strooss, an zréck.





„D'Liewen op der Strooss ass einsam“

Johanová ass 57 Joer al a kënnt urspréinglech aus der Tschechescher Republik. Si ass zanter néng Joer op der Strooss.



De Woilek ass 60 Joer al a lieft zanter zéng Joer op der Strooss. Trotz engem Accident, dem Verloscht vu senger Aarbecht an dem Doud vu senger Fra, kuckt hien optimistesch an d‘ Zukunft.



De Blanco ass 65 Joer al. Zéng Joer laang huet hie fir dee selwechte Patron geschafft, mee an de leschte véier Méint gouf hien net méi bezuelt. Hien huet seng Wunneng an och säin Openthaltsrecht verluer a schléift zanterhier op der Strooss.

D’Samantha ass 38 Joer al a lieft zanter néng Joer op der Strooss. Eng toxesch Relatioun mat hirem Mann huet hiert Liewen komplett verännert. Trotz de schwieregen Erfarungen huet si de Glawen un d’Léift net verluer.



De Camara ass 38 Joer al a lieft de Moment op der Strooss. Hien ass a Kontakt mat senger Assistante sociale, fir eng Aarbecht an eng Wunneng zu Lëtzebuerg ze fannen. Säi Wonsch ass et, nees an d’gesellschaftlecht Liewen zeréckzefannen.



„Mir sinn onsiichtbar“

Pit, 35 Joer al, geléierte Moler.





De Sven ass 31 Joer al. Hien huet Epilepsie a lieft zanter sechs Joer op der Strooss.






„Mir ginn oft an engem falsche Liicht duergestallt“

De Samuel, fréieren Educateur diplômé, wunnt säit 7 Joer op der Strooss.



„D’Welt geet souwisou ënner“

De Mike ass 30 Joer al. Zanter zéng Joer lieft hien op der Strooss, fënnef dovun huet hien am Prisong verbruecht.





De 76 Joer ale Cornelis lieft zanter annerhallwem Joer op der Strooss. Seng finanziell Mëttel goufen opgebraucht, wärend seng Fra, déi un enger seelener Krankheet leit, am Spidol loung. Seng gréisst Hoffnung ass et, enges Daags nees mat senger Fra zesummeliewen ze kënnen.

Den Dennis ass 50 Joer al a kënnt aus Däitschland. Zanter fënnef Joer lieft hien op der Strooss zu Lëtzebuerg. Säi Papp huet hien am Alter vu 17 Joer op d'Strooss gesat. Trotz senger schwiereger Situatioun huet hien seng Freed um Liewen net verluer.





Daniel, 37 Joer al, lieft zanter véier Joer op der Strooss. Nach ëmmer hofft hien op eng Wunneng, eng Aarbecht an e Liewen ouni Drogen.



De Vincenzo ass 44 Joer al a lieft zanter fënnef Joer op der Strooss. Zanter 17 Joer kämpft hie mat senger Sucht, déi säi Liewen an säin Alldag staark verännert huet. Haut gëtt säin Alldag virun allem vum Crackkonsum bestëmmt.

Den Damian kënnt aus Polen a lieft zanter e puer Méint op de Stroosse vu Lëtzebuerg. Säi Liewensmutt huet hien dobäi net verluer. Op TikTok deelt hie Videoe vu sengem Alldag op der Strooss a verdéngt sech domat e klengt Akommes.





Alex, 30 Joer al, huet zéng Méint op der Strooss gelieft. Et war keng einfach Zäit, mee hien huet ni opginn. All Dag huet hien dofir gekämpft, seng Situatioun ze verbesseren an eng besser Zukunft ze fannen. Zënter engem Mount huet hien endlech erëm säin eegent Doheem.



Ilias, midd vum Liewen op der Strooss.

Stëmm vun der Strooss

Site Ettelbruck
Restaurant social et lieu de rencontre public
47 rue Prince Henri, L-9047 Ettelbruck
t 49 02 60 - 80
f.settanni@stemm.lu

Site Schoenfels
Centre post-thérapeutique
1 Rue du Village, L-7473 Schoenfels
t 27 84 66
t.barrela@stemm.lu

Site Luxembourg *(siège social)*
Restaurant social et lieu de rencontre public
Douche et buanderie
Kleederstuff
Service social
Rédaction – atelier de réinsertion professionnelle
7 rue de la Fonderie, L-1531 Luxembourg
t 49 02 60
c.bechet@stemm.lu

Saxophone
Service d'accueil et hébergement de jour
24 rue de Hollerich, L-1740 Luxembourg
t 49 02 60 - 12
a.guillaume@stemm.lu

Kanner Stëmm
Service de pédiatrie sociale
7 rue de la Fonderie, L-1531 Luxembourg
t 49 02 60 - 66
a.sadowski@stemm.lu

Sites Esch-sur-Alzette
Restaurant social et lieu de recontre public (lu-ve)
112 Rue du Canal, L-4051 Esch-sur-Alzette
t 49 02 60 - 44
c.contier@stemm.lu

Restaurant social (dimanche)
Kleederstuff
32, Grand Rue, L-4132 Esch-sur-Alzette

Site Sanem
Schweesdrëps & Stëmm Caddy - ateliers de réinsertion professionnelle
Immo-Stëmm - service logement
5 Zone Um Woeller, L-4382 Sanem
j.vermeesch@stemm.lu (Schweesdrëps)
s.cantin@stemm.lu (Stëmm Caddy)
b.klensch@stemm.lu (Immo-Stëmm)
t 26 57 34 51

OPGEPASST

op falsch Kollekten a falsch «Mataarbechter»

ATTENTION

aux fausses collectes au profit de la Stëmm vun der Strooss

D'Stëmm vun der Strooss deelt mat, datt se nach ni an och ni wäert Leit schécken, fir an hirem Numm Zeitungen ze verkafen oder einfach Suen opzehiewen.

Wann also ee bei iech doheem schellt a seet, hie wär e Mataarbechter vun der Stëmm vun der Strooss, gitt him wgl. keng Suen a sot der Police Bescheed.

L'association Stëmm vun der Strooss n'a jamais donné comme mission à ses bénéficiaires de faire du porte à porte en vue de collecter des fonds.

Si un jour une personne se présente chez vous pour vous demander de faire un don au profit de notre association, ne lui donnez rien et contactez immédiatement la police.

****

DR STËMM CONSULTATIONS MÉDICALES GRATUITES

Consultations médicales gratuites une fois par semaine le mercredi après-midi dans les locaux de la Stëmm vun der Strooss, 7, Rue de la Fonderie, L-1531 Luxembourg et le mardi après-midi dans les locaux de la Stëmm vun der Strooss à Ettelbrück, 47 rue Prince Henri L-9047 Ettelbruck. Renseignements supplèmentaires au numéro: 49 02 60

Kostenlose medizinische Behandlungen finden einmal pro Woche statt: am Mittwochnachmittag in den Räumlichkeiten der Stëmm vun der Strooss, 7, rue de la Fonderie, L-1531 Luxemburg, und am Dienstagnachmittag in den Räumlichkeiten der Stëmm vun der Strooss in Ettelbrück, 47, rue Prince Henri, L-9047 Ettelbrück. Für weitere Informationen rufen Sie bitte die Nummer 49 02 60 an.


FOLLOW
CANCELLED
DREAMS